



Äntwert vun der Madamm Elisabeth MARGUE, Ministesch fir d'Justiz, a vun dem Här Max HAHN, Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, op d'parlamentaresch Fro n°477 vum 14. Mäerz 2024 vun dem honorabelen Deputéierten Här Marc GOERGEN

1. Zu dësem Punkt gi keng Statistike gefouert.

2. Nee.

D'Dierwiechter kënnen op Polizist:innen zeréckgräife fir Gerichtsurteeler ze exekutieren.

Wann den Dierwiechter sech muss Zougang zu engem Gebai verschafen („si les portes sont fermées, ou si l'ouverture en est refusée“), wat och op Basis vun engem Urteel geschitt, ass d'Präsenz vun engem Polizist oder enger Polizistin laut Artikel 723 vum „Nouveau Code de procédure civile“ obligatoresch.

3. Am Fall wou eng Famill hir Wunneng verlosse muss, ass et esou, datt op lokalem Plang an éischer Linn d'Gemenge betraff sinn. D'Gemenge gi vum Dierwiechter iwwert den Datum informéiert, wou den Déguerpissement soll stattfannen.

D'Missioun vum den Offices sociaux sinn am Artikel 7 vum Gesetz vum 18. Dezember 2009 iwwert d'Aide sociale definéiert. Am Fall, wou eng Famill hir Wunneng verlosse muss, kann den Office social op verschidden Aart a Weisen hëllefen, wéi zum Beispill:

- duerch eng materiell oder finanziell Ënnerstëtzung,
- duerch Berodung, esouwéi duerch eng Begleedung bei administrativen Demarchen a bei der Ufro vu sozialen Hëllefen,
- andeems en, falls néideg an an der Limitt vun de legale Konditiounen, eng Referenzadress ufreet a sécherstellt, datt d'Persounen hir sozial Rechter behalen,
- andeems e sech ëm eng kuerzfristeg a kuerzzäiteg Noutënnerbréngung këmmert, falls d'Famill selwer keng Méiglechkeet fënnt ënnerdaach ze kommen.

Et ass heibäi wichteg ervirzehiewen, datt d'Hëllef awer op Demande vun der concernéierter Persoun selwer muss geschéien.

Am Kader vun der Déguerpissementsprozedur gëtt den Office social net explizit ernimmt an och net automatesch a Kenntnis gesat.

Wann een Office social iwwert een Déguerpissement informéiert gëtt, geschitt dat an der Praxis an deene meeschte Fäll entweder duerch d'Gemengen, duerch déi betraffe Leit selwer oder och mol duerch den Dierwiechter. Den Zäitpunkt ass heibäi vu Situatioun zu Situatioun verschidden. Op Demande vun der Gemeng, de Leit oder dem Dierwiechter kann den Office social zum Beispill

während dem Déguerpissement präsent si fir sech ëm d'Leit ze bekëmmen. Virun allem wa Kanner am Spill sinn ass dat gären de Fall.

4. D'Destinatäre vun der Fro sinn net där Meenung. Si wëllen den Dierwiechterstatut net verstaatlechen.

Lëtzebuerg, den 17 Abrëll 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue